



NUECHT VUN DE FRËNN

Donneschdes, den 22. Oktober 2026

Lëtzebuerg, den 3. Oktober 2026

Léif Frënn vum Naturmusée

Virun 30 Joer ass de Naturmusée vum Fëschmaart an de Stadgronn geplënnert. 30 Joer wou Dir vill am Musée gesinn an erlieft hutt; wou der matgemaach hutt, wou Dir opmierksam gemaacht gouft a wou Dir nach ëmmer gär Zäit verbréngt.

Déi nei Ausstellung « **Dat geheimt Liewe vum Naturmusée** » déi den 8. Oktober opgeet, werft e Bléck hannert d'Kulisse vum Musée, do wou d'Kollektiounen ënnersicht, ënnerhal a versuergt ginn, do wou d'Wëssenschaftler d'Biodiversitéit festhalen, studéieren a schützen.

Dir sidd häerzlech invitéiert op eng Soirée ganz am Zeechen vun dëser Ausstellung.

Deen Owend, den 22. Oktober, kritt Dir hei vun e puer Wëssenschaftler perséinlech en Abléck an hir Aarbecht, hir nei Methoden, déi nei Technologien déi si uwennen, an déi munchmol souguer ganz besonnesch Entdeckungen erméiglechen.

Programm:

Rendez-vous um 18.30 Auer am Hall vum Naturmusée am Gronn.

No der Begréissung,

- *präsentéiert de Botaniker Guy Colling vun der Section Biologie des populations végétales, ënner anerem seng jorelaang Planzestudien an den Afloss vun der Genetik op den Erhalt vun eenzelnen Aarten.*
- *erlaabt den Alain Frantz, Conservateur vun der Section Zoologie, en Abléck an déi modern wëssenschaftlech Bestëmmungsmethoden déi och scho mol ganz nei Entdeckungen an urale Kollektiounen ervir bréngen*
- *weist de Ben Thuy, Conservateur vun der Section Paléontologie, wéi aktuell Studien an der Paleontologie ganz nei Erkenntnisser bréngen an nei Weeër an der Entwécklungsgeschicht erméiglechen.*

An zu gudder Lescht stelle mir eis zesummen d'Fro wéi de Musée sech wuel weiderentwéckele wäert.

Uschlëssend Appétitif an duerno en excellente Ramen, präparéiert vun der Cafeteria, an e gutt Stéck Äppeltaart.

Onkäschtebäitrag : 20 € pro Persoun, exklusiv fir Memberen a Member + 1.

Wëllt Dir bei dem flotten an interessanten Owend, a gudder Gesellschaft mat Musées-Wëssenschaftler an der neier Ausstellung, mat lessen a Gedrénks dobäi sinn, **mellt lech w.e.g. onbedéngt un iwwert Mail info@amnhn.lu bis spéitstens den 18. Oktober.**

Iwwerweist den Onkäschtebäitrag réischt no der Confirmatioun.

De ganze Comité freet sech fir lech deen Owend am Musée ze begréissen.

Mat beschte Gréiss

Jim Meisch,
President

Catherine Faber,
Vizepresidentin

Marie-Paule Welter-
Victor, Tresorière

Geneviève Faber,
Sekretärin

Claude Meisch, Änder Mousset, Denise Schweitzer, Corry Thys, Frank Wagner



**Amis du Musée national d'histoire naturelle a.s.b.l. -25 rue Münster - L – 2160
Luxembourg tel.(+352) 462233-1 – info@amnhn.lu - IBAN LU53 1111 0746 5259 0000 -
www.amnhn.lu**